Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 1. Februar 2024

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Aktuell halen sech eng Rei “Gazaoiden” (Leit déi ursprénglech aus der Gazasträif stamen) als BPIen zu Lëtzebuerg op. Zousätzlech hunn eng Rei Lëtzebuerger Staatsbierger en entspriechende Migratiounshannergrond. Esou wéi et mir zougedroe gouf, halen sech d’Familljememberen a béide Fall allerdéngs nach dacks an der Gazasträif op. Eng Rei vun EU-Länner schéngen am Kader vum aktuelle Krich, Demarchen ënnerholl fir déi Leit ze evakuéieren an eng Familljenzesummeféierung an Europa ze erméiglechen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Bausseminister gär dës **dréngend** Froe stellen:

1) Ass dem Här Bausseminister deen entspriechende Probleem bekannt? Falls jo, kann den Här Bausseminister eng Tabell presentéieren, wéi vill BPIen aus der Gazasträif a Lëtzebuerger Staatsbierger mat entspriechendem Migratiounshannergrond sech aktuell hei am Land ophalen, wéi vill vun hinnen der aktuell nach Familljememberen an der Gazasträif hunn a wéi vill vun hinnen der virum an nom Ausbroch vum Krich bei den Autoritéiten eng Demande fir d’Familljenzesummeféierung gestallt hunn?
2) Kann den Här Bausseminister bestätegen, datt aner EU-Staate speziell am Kader vum Krichsausbroch zousätzlech Familljenzesummeféierunge virgeholl hunn?
3) Plangt Lëtzebuerg änlech Demarchen? Falls jo, zesumme mat wéi enge Partnerstaaten an Institutiounen? Falls net, firwat net?
4) Huet Lëtzebuerg scho probéiert Informatiounen iwwert d’Situatioun vun deene betraffene Leit an der Gazasträif ze kréien?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten